




**Numéro spécial**

Bulletin mensuel de la Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de Force

# Elo gét et duer!

23. 19




6. 70

# Et laut!

Rédaction: 9, rue du Fort Elisabeth, Luxembourg - Case postale 17 - Luxembourg-Gare

Impr. Hermann, Luxbg.

**Virun engem Joer, de 6. Juni 1969,** huet d'Association des Enrôlés de Force Victimes du Nazisme hir Delege'erte-Versammlong mat enger Resolutio'n ôfgeschloss, an däer et zum Schluss geheschcht huet:

«Décide la création d'un Comité d'action chargé dès maintenant de l'élaboration d'un programme de manifestations et de protestations dont le point culminant se situera au 23 juin 1970.»

Nodém d'Enrôlés de' verschidden Aspekte vun hierem Problém duerchgeschwârt a festgestallt hâten, dass op der Plâtz getröppelt gin ass, go'f entschéd, alles drun ze setzen fir eng definitiv, positiv Le'song erbei ze fe'eren mat dem Termin vum 23. Juni 1970.

De' verantwortlech Leit hun hir Sâch nöt licht geholl an ons politisch Instanzen eso' önnerricht, dass sie ganz gené wössen, öm wat et gét.

## 1. We' weit sin d'Verhandlongen töschent der letzeburger an der deitscher Rege'rong?

Nodém den deitsche «Minister für Auswärtiges», den Här Walter Scheel bei sengem Besuch vum 8. Januar 1970 ons nöt vill Neies bruecht hât, huet onsen Aussen-Minister Gaston Thorn den 15. Mé eng inoffiziell Visite zu Bonn gemâch. Iwert onsen UKW-Radio huet hien ons matgedélt, dass des Rés den Zweck hât

«fir an d'Endphase eranzetrieden vun de Verhandlongen mat der deitscher Rege'rong iwert de' leideg Fro vun den Zwangsrekrute'erten.»

Hie sôt weider:

«. . ech menge soen ze können, dass mer elo dem Enn vun de Verhandlongen ganz no wären, an dass menger Ménong no, vrun deser Vakanz ongefe'er, — sauf neien Accident, dén ech nöt könnt virausgesinn — dass mer bis dohin kloer gesin . . . wo' mer stin.»

A weider hum mer vun him erfuhr, dass de' deitsch Rege'rong gesönnt wär, zu dém Zeitponkt desen «Dossier eso' oder eso' ôfzeschle'ssen».

Haut we' göscht stellt Deitschland sech hannert de Pareiser Vertrag an de Moratoir vu London, de' hinnen d'juristesch Me'glechkét bidden, sech öm eng direkt Entschiedegong vun den Enrôlés erömzedrécken. Bonn wöllt d'Zwangsrekrute'ert nömmen op dem Wé vun enger «indirekter Le'song» entschiedegen. De' Deitsch hun suggere'ert, d'Letzeburger Rege'rong sollt e Gesetz schâfen fir onsen zwangsrekrute'erte Jongen a Méderecher hire Lo'nausfall, dén se am Krich erlidden hun, auszebezuelen; sie ge'fen onsem Staat dât avance'ert Geld **op indirektem Wé an irgendenger Form** dann erömgin.

E'er den Här Thorn durno seng offiziell Rés op Pareis ugetratt huet, konnte mir him an engem Expressbre'f matdélen, dass dé franze'sche Minister vun den «Anciens Combattants», den Här Duvillard, onse Komeroden vun de «Malgré-Nous» aus Elsass a Lothrengen ze wösse gedoen hât, dass Verhandlongen töschent der franze'scher an der deitscher Rege'rong am Gâng wären. Eng Matdélong, de' sech als wo'er erausgestallt huet.

Domat war d'Erklärong vun der deitscher Berétschâft zu enger «indirekter Le'song» gin: Ké sollt vun dem ânere senge Verhandlongen eppes gewuer gin, fir de' be'd Seiten nés eng Ke'er unzeschmieren!

**De Standpunkt vun den Enrôlés de Force ass dén hei:**

De Pareiser we' de Londoner Vertrag können an därfen nöt als Hönnernös gebraucht gin, wann et hescht e kriminellen Akt aus dem leschte Krich eso' weit we' me'glech nés gut ze mâchen; DZwangsrekrute'erong ass am Nürnberger Prozess zu engem Krichsverbriechen erklärt gin, an Deitschland go'f derfir schölleg gesprach. Dest Verbriechen ass gené eso' ze entschiedigen, we' de' âner Nazi-Verbriechen et go'fen, de' d'Hitler-Reich beispielsweis un de Judden, de Kazettler, den Deporte'erten, asw. begângen huet.

**Doraus ergöt sech, dass eng so'genannt «indirekt Le'song» an onsen Aen eng Method**

---

**Elo gét et duer! 23.6.70**

---

**ass, de' mer nöt guthésche können, well se ons virke'm, we' wann d'Affer sech virun dém Schölleg missen op d'Kne'e sötzen an öm Verzéchnes biede misst. Dât können an därfe mir ons nöt gefâle lôssen!**

## 2. We' ass de Standpunkt vun onser letzeburger Rege'rong?

Onsen heitege Misère leit begrönnt am letzebuergeschen **Gesetz iwert den Dommage de Guerre vum 25. Februar 1950.** De' démôleg schwarz-blo Rege'rong huet dem Land et présente'ert, vun der Chamber stömme gelôss an d'Enrôlés domat zu mannerwerteg Bierger degrade'ert.

**d'Ligue «Ons Jongen» huet sech démols mat aller Vehemenz, ower ömsoss ge'nt dât Gesetz gewirt, a mir streiden nach haut, fir et geännert ze kre'en.**

Um Ufank stong vun den Enrôlés de Force iwerhâpt neischt an dém Gesetz. Den Artikel 36, dén de' Perso'nen opzielt, de' op Grond vun hierer — we' et am Text hescht — «attitude patriotique» am Krich, an de Genoss vun desem Gesetz kommen, ömfâsst 8 Kategorie vun Leit. **D'Enrôlés sin nöt drönner!** Hir «attitude» go'f vum Gesetzgeber **nöt als «patriotique» ugekuckt!**

Et go'f démols Kréser, de' sech mat Hänn a Fe'ss derge'nt gewirt hun, dass d'Zwangrekrute'ert an desen Artikel 36 sollten opgeholl gin. Wann se et och haut nöt wölle wo'er hun, da stongen se dach démols op dem Standpunkt, sie hätte me' geléscht we' de' âner, an sie wären eleng berechtegt, dé gro'sse Kuch ze délen. A wa mir ons och démols als «Ons Jongen» gewirt, dann hun sie sech dach duerchgesât. Ere'scht we' Fönsteren a Schiebele gânge waren go'fen d'Enrôlés am Gesetz ernimmt. Mä och dun sin se nöt gleichberechtegt behandelt gin. Villme' go'fen se duerch den Artikel 43 extra gestallt an zu zwétrangeg Letzeburger degrade'ert. Als Tro'scht kruten se eng Schank, de' a kengem Vergleich stong zu den Entschiedegongen vun dénen ânere Kategorie vun Naziaffer.

**Domat war aus der «Jeunesse martyre» eng «Jeunesse sacrifiée» gemâch gin, eng Jugend, de' op engem letzeburgeschen Altor geaffert gi war.**

Doraus ergöt sich de' batter Erkenntnes, datt engem letzeburgeche Gesetz gelongen ass, wât d'Nazien am Krich nöt färdegbruecht hâten: d'Solidarite't de' am Krich kén Oennerschéd töschent Letzeburger kannt huet, ze zerreissen an de' Jongen a Méderecher, de' démols och hiere Kapp fir Land a Leit durgehâlen hun, ze dégrade'eren an hinnen hir E'er ze huelen. Et war nöt nömmen eng gro'ss Ongerechtegkét, mä eng onerhe'ert Nidderträchtegkét!

## Wât verlânge mir haut?

**Mir verlangen nöt,** dass de'je'neg, de' dès Zo'stänn verschöllt hun, sech sollen Aeschen op de Kapp stréen, hir Kléder zerappen an ons öm Verzéchnes bieden.

**Mä mir verlângen,** dass d'Dommage-de-Guerre-Gesetz eso, ömgeännert göt, dass et ons gené eso' behandelt, we' et de' âner Naziaffer behandelt.

**Mir verlângen,** dass mer gleichgestallt gin mat dénen ânere «victimes à attitude patriotique», mat déne selwechte Rechten, o'ni de klengsten Oennerschéd.

**Mir verlângen nöt,** dass de Lötzeburger Steierzueler d'Lâscht vun onsen Entschiedegongen droe soll, obwuel démols d'Solidarite't vun **alle Letzeburger** huet misse fir d'Finanze'rong vun den Entschiedegongen un d'Nazziaffer hierhâlen. De' «Schank», de' mir démols kritt hun, soll als «Avance» betruecht gin.

---

**Et laut! 23.6.70**

---

De Rescht soll da bezuelt gin, wann de' Schölleg – d'Preisen — hir Schold begleichen.

**Mä mir verlângen,** dass ons verantwortlech Staatsmänner all Möttel âsetzen, fir dass dén Abléck nöt op Lämmerchersdâg fällt!

**A mir gin ons nöt, bis dass mer dât errécht an domat ons Eer eröm hun!**

## Wât sét onsen Här Staatsminister dozo'?

Ons Delege'ert hu lâng, oft an hârt mam Här Werner iwer d'Ofännere vum Krichsschuedgesetz verhandelt. Bre'f op Bre'f ass geschriwen an hin an hirgeschéckt gin. Leider ömsoss! Mir sti virun enger Mauer a können nöt mat him éns gin. **Hie wöllt ons an dém Ponkt keng Satisfaktio'n gin!** Zu deser Iwerzégong musse mir kommen, och wann hien ömmer nés sét, hie ge'f d'Gesetz nöt ännere **können.**

---

## Aennerong vum Krichsschued-Gesetz

---

Eso' schwätzt hien z. B. vum Artikel 7 vum Gesetz vum 25. Februar 1967, mat dém d'Rege'rong wölles gehât hätt, ons, niewent der moralescher Entschiedegong, eng materiell ze gin op der Basis vum Artikel 30 vum Krichsschuedgesetz. Desen Artikel 7 awer hätt d'Chamber-Kommissio'n gestrach, so'dass der Rege'rong hir gudd Absicht verduerwe go'f.

A Wirklechkét ware mir, d'Enrôlés selwer, ge'nt desen Artikel 7, well hien, gené we' den Artikel 30 vum Kriechsschuedgesetz, nömme fir de'jeneg vun ons eppes bruecht hätt, de' e Kne'fall virun der Rege'rong (lies: dem Här Werner als Minister vum Dommage de guerre) gemâch an eng me'glechst ferm Paltongsze'erei bedriwen hätten. Mat ânere Wieder: Dé Block, dén d'Enrôlés démols waren an och haut nach sin, sollt gesprengt gin mat desem Artikel 7. E sollt gesprengt gin, fir en desto lichter erlédegen ze können.

Dass den Här Minister d'Gesetz iwert de Krichsschued wuel ännere könnt, mä et net wöllt, beweist och, dass hie sét, d'Rege'rong ge'f zécken, well soss âner Aennerongen no-ke'men an «d'öffentlech Ménong» dât nöt verstoe ge'f. Dofir muss d'Gesetz bestoe bleiwen, we' et ass, an et stempelt ons weiderhin zu mannerwertege Birger, de' sakrifize'ert go'wen!

Dorunner kann och neischt änneren, dass den Här Werner «gnädeg» schreift, d'Rege'rong wär averstânen, de' ne'deg Mesüren ze ergreifen am Fall wo' eng direkt oder indirekt Entschiedegong vun deitscher Seit hir Gestalt unhuele ge'f.

Mir soe Merci fir de' Blummen, well mir hun an 25 Jôren erfuhr, dass de' Blummen nie un

d'Ble'e kommen. Dofir ass vill zevill «Wenn» an «Aber» an däer Geschicht !

**Fir ons gölt nömmen ént:**

**d'Ofännerong vum Gesetz iwert de Krichsschued.**

An zwar eso' dass mir zwangsrekrute'ert Médercher a Jongen och virun dèsem Gesetz als dât do stin, wât ons Verfassong virgeseit: **Als vollständeg gleichberechtegt Letzeburger !**

d'Krichschuedgesetz ass tatsächlech d'Wuerzel vum ganzen Iwel, an hat stét un der We' vun der ongeheierlecher Diskrimine'erong, de' weider gefe'ert huet zu dém so'gen. «Wiedergutmachungsvertrag», dé fir ons de «Schandvertrag» ass a bleift. Hien ass eng direkt Konsequenz vun dem Onrecht, dât am Februar 1950 un ons begânge go'f. Soll dât eso' weider goen? **Domat können an därfe mir nöt d'accord sin, a mir wiren ons mat Hänn a Fe'ss derge'nt!**

**Wât mir verlangen ass neischt Onme'gleches: Et ass énzeg an eleng d'Recht op Gleichstellong mat allen ânere Letzeburger Nazi-Affer.**

# Opruff

## un all Zwangsrekrute'ert

## un hir Familgen

## un all de' Brav, de' eis a schwe'rer Zeit daper zur Seit stongen

## un all de' Letzeburger de' an engem freie Letzeburg liewe wellen.

## Keng Diskrimine'erong me'!

Me' we' en Ve'rels Johrhonnert gin elo d'Jongen an d'Médercher vun 1920-1927 an engem Letzeburger Gesetz als Letzeburger 2. Klass betruecht.

Duerch e Letzeburger Gesetz vum 25. Februar 1950 gin sie diskrimine'ert, a bis haut huet keng Letzeburger Rege'rong de gudde Well gewisen, dest «onletzeburgescht Gesetz» ze änneren.

Dât alles geschitt nöt mat dem Wölle vum Vollek, dât seng «Kanner» ömmer verstânen an önnerstötzt huet, mais mat dem ausschle'ssleche Wölle vun eise Parteien an Politiker, aus klengen, perse'nlechen, egoisteschen oder parteipolitischen Ursâchen.

Zenter 1945 streit d'Ligue «Ons Jongen» ge'nt de' Ongeheierlechkét, de' ons mat preisesch Söldner gleichstellt.

Zenter 1959 streiden d'Zwangsrekrute'ert ge'nt de' selwecht Ongeheierlechkét.

Trotz alle Konzessio'nen, de' d'Rege'rong gemâcht huet, greift sie den de'we Ponkt vun deser Ongeheierlechkét net un.

## Mir si Birger 2. Klass!

**Mir stelle mat Verbatterung fest:**

1. datt d'Haltong vun der Rege'rong den Zwangsrekrute'erten vis-à-vis onletzeburgesch ass.
2. datt hir Haltong a Widdersproch stét mat der Haltong vu Land a Leit.
3. datt bis haut all letzeburgesch Rege'rong sech net em d'Ménong an d'Haltong vum Vollek kömmert.
4. datt d'Zwangsrekrute'ert an engem Letzeburger Gesetz zu Birger 2. Klass dégrade'ert gin.
5. datt hir Rechter virenthâlen gin.
6. datt duerch ons Politiker d'Hémecht hir ége Kanner verre't a verkéft.
7. datt mir Zwangsrekrute'ert keng Hémecht hun, de' eis als hir Birger betruecht.

Dir all hut bis haut trei a brav «zur Stâng» gehâlen. No déne leschte Verhandlonge mat den Hären Werner an Thorn stelle mir fest,

datt SIE eis nöt vertrieden an hellefe wöllen.

Mir stellen dât fest an ze'en d'Konsequenzen!

**Den 23. Juni 1970 triede mir un zu engem neien, gro'ssen APPEL.**

**We' ömmer, mat der Fra an de Kanner**

**Op en Neits wölle mir weisen, datt mir mat Vehemenz proteste'eren ge'nt eso' eng ârmse'leg Haltong vun eiser Letzeburger Rege'rong!**

d'Associatio'n vun den Enrolés de Force, Victimes du Nazisme.